N° 7937
Entrée le 27.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 27.04.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 27. Abrëll 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizministesch weiderzeleeden.

Aus dem Debat zur Petitioun N° 2129 de 16. Mee 2022 zur Iwwerschaffung, Ännerung an Upassung vum Sexualstrofrecht zu Lëtzebuerg ass ervirgaangen, dass dëse Sujet nach ëmmer ee gewëssenen Tabu zu Lëtzebuerg duerstellt, mat deem et ze brieche gëllt. Matt der aktueller Unzuel un Ulafplaze fir d'Affer vu sexuellem Mëssbrauch, an der héijer Donkelziffer, riskéieren déi aktuell Statistiken net fiabel ze sinn. Et ass festgehale ginn, dass verschidde Punkten aus dem Debat an d'parlamentaresch Aarbecht vun der Chamber, souwéi de Projet de loi N° 7949, erafléisse sollen.

D'Madamm Justizministesch huet an Aussicht gestallt, dass een interministeriellen Aarbechtsgrupp domat beoptraagt géif ee Froebou auszeschaffen, fir eng Bestandsopnam vun der bestoender Offer an der Noutwendegkeet vun enger zentraliséierter, nationaler Ulafplaz fir Affer vu sexuellem Mëssbrauch, ze erstellen. Dëse Questionnaire sollt dann un déi concernéiert Acteuren an Organisatioune geschéckt ginn. An där Reunioun ass och festgehale ginn, dass schonns am Hierscht 2022, hätt sollen eng Evaluatioun vun deem besote Questionnaire an deene jeeweilege Kommissioune stattfannen.


Doriwwer eraus, huet d'CSV am Juni 2021, eng Motioun zu enger zentraliséierter, nationaler Ulafplaz, fir dass all Affer sech op enger Plaz mellen kéint, an der Chamber deposéiert. D'Iddi dobäi war et, déi ënnerschiddlech Zuelen a Statistiken déi existéieren ze harmoniséieren, Preventiounsprogramme fir ënnerschiddlech Strukturen ze entwéckelen, Weiderbildunge vum Personal an den entspriechenden Ariichtungen ze promouvéieren an d'Affer bei der Sich no Therapieplazen ze ënnerstëtzen.

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Justizministesch stellen:

- Ass dee vun der Madamm Ministesch an Aussicht gestallte Questionnaire un d'Acteure vum Terrain geschéckt ginn?
    - Wa jo, wat sinn d'Conclusioune vun dëser Ëmfro?
    - Wa nee, firwat?
- Wat ass d'Positioun vun der Regierung zu enger zentraliséierter, nationaler Ulafstell fir Affer vu sexuellem Mëssbrauch?

Här President, ech bieden Iech des Froen, mat mengem déifste Respekt unzehuelen.



**Nancy Arendt ép. Kemp**
Deputéiert

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N°7937
Entrée le 30.05.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Justizministesch Sam TANSON, vun der Madamm Ministesch fir Gläichheet tëschent Fraen a Männer Taina BOFFERDING, vun der Madamm Gesondheetsministesch Paulette LENERT zu der parlamentarescher Fro n°7937 vum 27. Abrëll 2023 vun der honorabeler Deputéierten Nancy ARENDT ép. KEMP iwwer eng zentraliséiert, national Ulafplaz fir Affer vu sexuellem Mëssbrauch**

- **Ass dee vun der Madamm Ministesch an Aussicht gestallte Questionnaire un d'Acteure vum Terrain geschéckt ginn?**
  - **Wa jo, wat sinn d'Conclusioune vun dëser Ëmfro?**
  - **Wa nee, firwat?**

Dëse Questionnaire ass un 120 Akteuren vum Terrain verschéckt ginn, vun deenen 37 och op de Questionnaire geäntwert hunn.

Den interministeriellen Aarbechtsgrupp deen aus Vertrieder vum Justizministère, vum Gläichheetsministère, vum Gesondheetsministère a vum Educatiounsministère besteet, huet ob Basis vun desen Äntwerten éischt préliminaire Conclusioune gezunn.

Déi ugefouerten Äntwerten an Erfahrungswerter, déi beschriwwen Stäerkten a Schwieregkeeten vun der Prise en Charge vun Affer vu sexueller Gewalt an déi ennerbreeten Verbesserungsvirschléi, ennersträichen dass eng zentral Ulafstell fir Affer vu sexueller Gewalt onofhängeg vun Geschlecht, Alter an Origine, déi eng global Prise en charge assuréieren kéint, den aktuellen System stärken kéint.

Aktuell evaluéiert den Aarbechtsgrupp d'Detailler vun der Emsetzung vun esou enger nationaler Ulafstell an schafft un der Formuléierung vu konkreten Rekommandationen fir d'Emsetzung vun esou enger Struktur um nationalen Plang z'erméiglechen.

- **Wat ass d'Positioun vun der Regierung zu enger zentraliséierter, nationaler Ulafstell fir Affer vu sexuellem Mëssbrauch?**

D'Regierung ënnerstëtzt de Prinzip vun enger zentraliséierter, nationaler Ulafstell fir Affer vu sexueller Gewalt, woubäi déi genee Form an Zesummesetzung vun dëser no der Finaliséierung vun de Conclusioune an de Recommendatiounen vum Aarbechtsgrupp wäert kënnen determinéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 26. Mee 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson